Amicale des Anciens Prisonniers Politiques
Luxembourgeois de Mauthausen

D'Lëtzebuerger Amicale Mauthausen organiséiert, an Zesummenaarbecht
mat dem Verband vun de *Lëtzebuerger Guiden a Scouten*
an dem *Lycée de Garçons* vun Esch-Uelzecht

**e Jugendpelee an déi fréier Konzentratiounslager**
**Mauthausen, Ebensee, Gusen, Hartheim a Steyr (Éisterräich)**
**vum Mëttwoch, 11. Mee**
**bis e Méindeg, 16. Mee 2022**


Dir wësst wahrscheinlech, datt de 15. August 1940, eng 40 Chefs a Rover vun de Lëtzebuerger Scouten eng vun den éischten Resistenzorganisatiounen géint den Naziterror gegrënnt haten. (Detailer op dësem link : Scoutsresistenzler

Zanter Abrëll 1968, also zanter méi wéi 50 Joer organiséiert d'Lëtzebuerger Amicale vu Mauthausen *Jugendpelerinagen* op Mauthausen an eenzelner vu senge Niewelager. Vun den 176 Lëtzebuerger, déi op Mauthausen a Niewelager koumen, hunn der 60 net iwwerlieft.

Wéi esou eng Rees grad jonk Leit betrëfft, weist e klenge Film, deen de Gianni Mersch 2012 fir den Uelzechtskanal gedréint huet an deen een op dësem Link ka kucken: www.youtube.com

Wann dir méi Detailer iwwer déi Rees wëllt kréien, da schreift e klenge Mail un:

- Bruno Winter: winter@pt.lu
- Liz Feinen: liz.feinen@lgs.lu
- Guy Dockendorf : guy.dockendorf@culture.lu



D'„Todestiege" zu Mauthausen. Prisonéier gi forcéiert d'Träppleken erop ze klammen an dobäi schwéier Bléck aus Steen ze droen. Wie fält, rappt déi hannert sech mat.